Assemblée générale du 18 mars 2008

Allocution du président Fernand Muller

Dir Dammen an Dir Hären,
Léif Kolleginnen a Kollegen,

Ech soen Iech Merci, dass dir Iech haut den Owend Zäit geholl hutt, fir an d'Generalversammlung vun der AGC ze kommen. Ech si besonnesch frou, datt dëst Joer emol méi Memberen de Wee an d'Generalversammlung fonnt hunn. Et kënnten der roueg nach méi si vun de 1788 Membere vun der AGC.

Fir d'éischt wëll ech eis Grënnungsmemberen déi Häre Maurice Schmitz a Pierre Trausch begréissen. Et war 1975, also virun 33 Joer, wéi si zesumme mat anere motivéierte Redakteren d'AGC an dëser Form gegrënnt hunn.

Begréisse wëll ech awer och all aner Ancienen an all fréier Memberen aus dem Bureau exécutif an aus dem Comité vun der AGC.

Desweidere begréissen ech den Här Romain Wolff, Generalsekretär vun der CGFP, e Redakter ! deen elo no engem éischte Mandat vun 3 Joer, unanimement vum Comité fédéral vun der CGFP, op sengem Poste bestätegt gouf. Mir wënschen him op deem wichtege Posten, weiderhin deen néidegen Erfolleg.

Ech begréissen och den Här Georges Muller, Direkter vun der Chambre des fonctionnaires a säi Mataarbechter den Här Marc Poos.

Politiker hu mir keng invitéiert, och keng Journalisten, well mir schreiwen eise Presse-Communiqué léiwer selwer…

Entschëllegt huet sech deen neien DP-Deputéierte Fernand Etgen, en Enregistrements-Beamten aus eiser Carrière, deen elo kierzlech an d'Chamber nogeréckelt ass

Déi lescht Generalversammlung hate mir om Sennéngerbierg den 29. Mäerz 2007.

Zënterhier gouf et fir de Bureau exécutif an de Comité vun der AGC e mouvementéiert Joer an déi waarm Phase steet äis eréischt bevir …

Iwwer déi lescht 12 Méint ass vill ze soen. Mä dat mécht eise Generalsekretär. Ech wëll just op e puer méi generell Saachen agoen.

De 5 Juli 2007 gouf deen neien Accord salarial fir d'Joren 2007, 2008 an 2009 tëschent der CGFP an der Regierung ënnerschriwwen. Als AGC hu mir deen Accord guttgeheescht well mir der Meenung sinn, datt e gudden Accord ass, besonnesch d'Erhéijung vum Punktwert vun 1,5% op den 1.1.2009. De Volet Geld a Congé ass ëmgesat a mir hoffen, datt déi Abberzuel vun anere Moossnamen och geschwënn ëmgesat ginn.

Dëst Joer (also no der amerikanescher Bankekris) wier dësen Accord salarial net méi méiglech ! D'CGFP huet eemol méi gutt geschafft, Grond genuch fir hir trei ze bleiwen.

Eng Saach déi elo méi akut gëtt ass d'Ouverture vun der Fonction publique fir EU-Bierger. Mä wat heescht Ouverture wann de Moment schonn 10% vum Effektiv beim Stat Net-Lëtzebuerger sinn. Dee Problem géif sech jo sécher vum selwe léise mat der duebler Nationalitéit. Mä deene Bréisseler a besonnesch eiser Regierung geet dat net séier genuch. D'Konsequenze kréie mir nach ze spieren, z.B. de Sproocheproblem an de Loundumping (Stéchwuert Ufanksgehälter). D'CGFP huet sech der Saach ugeholl…

D'CGFP mécht sech och staark fir déi iwwerfälleg Gehälterrevisioun beim Stat. An do deet sech de Moment eppes hanner de Kulisse vun der Regierung. Domat kommen ech dann zu eiser Carrière-Fuederung vu méi Formatioun fir d'Redakteren. Carrière-Fuederung heescht, datt d'AGC an dësem Dossier vun der CGFP keng Ënnerstëtzung ka kréien, well d'CGFP ass en Daachverband, dee vill Ënnerorganisatioune mat ville Fuederungen huet.

Dee Match musse mir als AGC selwer spillen. Dat ass bei aneren Ënnerorganisatiounen och esou.

Dir kennt eis Fuederung ! Als Associatioun vun de Redaktere beim Stat hätte mir gär den Diplom vum Bachelor, als "formation initiale", dat heescht als Entrées-Billjee fir an eis Carrière eranzekommen. Bei allen anere Beruffsgruppen aus der Carrière moyenne ass dat scho laang esou. Firwat net bei äis ?

Mir vergonne jidderengem alles, mä mir hunn äis erlaabt déi Fuederung ze stellen am Kader vun der Ëmsetzung vum Processus de Bologne.

Desweidere si mir géint eng nei Carrière Bachelor tëschent der Carrière vum Redakter an der Carrière supérieure, well mir Redakteren doduerch zolitt Konkurrenz kréien, besonnesch wat eis Attributiounen am Cadre fermé betrëfft.

Den Här Biltgen ass der Meenung, datt an Zukunft den Diplom net onbedéngt dat Wichtegst ass, mä datt d'Weiderbildung ëmmer méi wichteg gëtt. D'Formatioun soll an e puer Etappe gemaach ginn (z. B. Bachelor – schaffen – Master) an dobäi soll och déi berufflech Experienz eppes wäert sinn…

Och wann dat e bëssen onrealistesch ass, kann een domat d'accord sinn… Wat mir awer net kënnen acceptéieren, sinn dem Här Biltgen seng Wieder vun der leschter Woch un d'Adress vun de cadres moyens an der ëffentlecher Verwaltung. An engem Bologna-Artikel iwwer 2 Säiten am Wort seet hien « *Les cadres administratifs du milieu deviennent de plus en plus superflus »* Baufdeg, dat ass also d'Zukunft vun de Redakteren. Mir hunn als AGC vun eisem Droit de réponse profitéiert an dem Här Biltgen geäntwert. Mir halen op d'Publikatioun vun eiser Äntwert am Wort.

Och wa fir den Här Biltgen an Zukunft den Diplom net dat Wichtegst ass, sou geet fir hien de Beamten zu Lëtzebuerg eréischt mat engem Bachelor-Diplom un. Wien drënner ass gëtt no an no iwwerflësseg. Dat ass genee dat wat mir ëmmer gesot a

gefaart hunn. Wichteg ass a bleift den Diplom vun der Schoul-Formatioun, well dorop gëtt ee bezuelt (...)

Déi déi d'lescht Joer an eiser Generalversammlung gemengt hunn de Bac classique oder technique géing vëlleg duer als Formation initiale fir d'Carrière vum Redakter, déi wäerten elo gemierkt hunn a wéi eng Richtung et geet.

Am Regierungsprogramm vun 2004 steet, datt et zu Upassunge kéim wa signifikativ Changementer sech opdränge bei der Klassifikatioun vun de Fonktiounen. An zënter 14 Deeg wësse mir elo, datt et ënner dëser Regierung keng generell Gehälterrevisioun méi wäert ginn. Et gëtt also just eng selektiv Gehälterrevisioun.
Mä duerch d'Ëmsetze vum Bologna-System kënnt elo Bewegung an déi traditionell Hierarchie vun de Carrière beim Stat. An da stellt sech d'Fro wéi esou e Bachelor-Diplom ze rémunéréieren ass…

(...)

Deeselwechte Premier gëtt och net midd ze soen d'Ufanksgehälter beim Stat missten erof gesat ginn. Dat ass jo da wahrscheinlech fir déi nei Redakteren déi jo "nëmmen" eng Première hunn a kloer ënner dem Bachelor aklasséiert ginn. Dat do gëtt nach lëschteg…

De Patron Stat ass och am leschte Joer monter weider gefuer fir Employé(e)s D anzestellen aplaz Fonctionnairen an dat besonnesch an de Ministèren. Et sinn awer och Fonctionnairen agestallt iwwer recrutement interne an externe. Vun Astellungsstopp schwätzt haut kee méi.

Den 12. Mäerz hunn nees 245 Kandidaten/innen den Examen-concours fir Redaktere gemaach (fir 57 fräi Plazen). Als Observateur an deem Examen hunn ech déi jonk Leit do gesi schreiwen an ech hu mech gefrot: Wéi eng Aarbecht sollen déi herno an de Verwaltunge maachen a wéi soll deenen hir Carrière verlafen. Ech soen iech d'Äntwert: Déi jonk Leit hu mir Leed gedon.

Nach ass et net esou wäit a mir hunn als AGC décidéiert äis ze wieren. Eise Generalsekretär geet herno am Détail op dat an, wat zënter der leschter Generalversammlung geschitt ass.

Et war e schwéiert Joer an et ass net alles esou gaange wéi mir äis et virgestallt haten. Net beim Minister an net an der Press. Ass et normal datt déi geschriwwe Press, déi der Regierung no steet, eis Communiquéë systematesch net dréckt oder ëmännert ? Dobäi liewen déi zu engem gudden Deel vu Steiersuen. Ass et normal datt een z. B. 3 Chamberblieder kritt wann een 3 Dageszeidongen abonnéiert huet ?

Als Gewerkschaft vun der Carrière vun de Redakteren hu mir déi grouss Verantwortung derfir ze suergen, datt och eis jonk Memberen an Zukunft nach déiselwecht respektabel a responsabel Aarbecht kënne maachen an duerfir e korrekt Gehalt kréien.

« Défendre les intérêts de la carrière » steet am Objet vun de Statute vun der AGC !

A mir maachen dat. Vill vun iech ware vläicht iwwerrascht wéi se héieren hunn, datt mir an d'Conciliatioun eraginn. Abee mir hunn e Litige mat der Regierung, well si net op dat agaangen ass wat mir gefrot hunn. Mir wëllen elo eis Vuë beim Conciliateur virdroen an da kucke mir wat geschitt…

Dir wësst och datt um Enn vun der Prozedur vum Litige de Streik steet – jo an ?
E Streik !!!
Wien huet Angscht virun engem Streik ?
Mir hu scho méi wéi eemol an der Stad manifestéiert an 2 mol hu mir gestreikt.
1995 wéi d'Pérequatioun ofgeschaaft gouf an
1998 wéi de Pensiounsrégime vun de Statsbeamten ofgeschaaft an duerch en neie Régime ersat gouf. Do war d'AGC eng dreiwend Kraaft.
Fir mech bleift deen 21. Juli 1998 als ee vun deene schéinsten Deeg a menger Beamte-Carrière an Erënnerung (och wann et eppes kascht huet)
D'Resultat vun deem Streik war zwar deemools net an eisem Sënn mä zënter deem Dag wëssen d'Politiker ganz genee, datt all Beamten e Wieler ass.

2009 kënnt mat Rieseschrëtt.

Dat wat d'Regierung dës Kéier äis Redakteren abrockt ass sécher Grond genuch fir en Dag ze streiken. Mir wëlle keng nei Bachelor-Carrière virun d'Nues gesat kréien.
Als AGC gesi mir de Redakter op engem Niveau Bachelor a mir hoffen, dass d'Regierung nach alenkt.

Et ginn ongeféier 2100 aktiv Redaktere beim Stat.
Sinn dat am Hierscht 2100 Gelackmeierter, Déklasséierter, Zréckversatener ?
Wann dat geschitt dann ass näischt méi wéi virdrun.
Da kann net méi Rieds si vu "cadres" an d'AGC muss hiren Numm änneren.

Zum Schluss géif ech iech nach proposéieren den Ordre du jour vun dëser Generalversammlung ëm ee Punkt ze erweideren an zwar wëlle mir (wann dir d'accord sidd) um Enn vun dëser Generalversammlung iwwer eng Resolutioun ofstëmme loossen. Meng Fro also un iech: Sidd dir d'accord dee Punkt op den Ordre du jour ze setzen ?

(...)

Ech hoffen dat hei war elo net ze laang, well eise Generalsekretär mécht herno ënner dem Punkt 6 vum Ordre du jour e kompletten Iwwerbléck iwwer eis Aktivitéiten a besonnesch iwwer den Dossier Formatioun.

Domat sinn ech um Enn vu menger Allocutioun ukomm.

Ech soen Iech Merci